N°8385
Entrée le 30.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'dréngend parlamentaresch Fro n° 8385 vum 19. Oktober 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz.**

*Ass et richteg, datt momentan net genuch Dose fir all Pediater disponibel sinn?*

Gemäss de Recommandatiounen vum Conseil Supérieur des maladies infectieuses (CSMI), gouf den Elteren vu Puppelcher, déi tëschent Januar 2023 a September 2023 op d 'Welt komm sinn, eng Impfung beim Pédiater proposéiert. Et sief ënnerstrach, dass genuch Dosen den Ament zu Lëtzebuerg disponibel sinn, esou dat all den Pédiateren den Accès op den Produit garantéiert ass. Net destotrotz, well déi éischt Bestellungen vun de Pédiatren iwwert den deemools disponibele Stock erausgaange sinn, ass eng Ëmverdeelung virgeholl ginn tëschent den Dosen déi de Maternitéë zur Verfügung gestallt goufen an dem disponibele Stock fir d'Pédiatren. Anerersäits sinn d'Bestellungen op 10 Dosen (Beyfortus 100mg) respektiv 5 Dosen (Beyfortus 50mg) pro Pédiater limitéiert ginn, esou dat jiddwer Pédiater am Land d'Garantie huet eng Commande erstellen ze kënnen. Op déi Manéier konnt deem temporairen Enkpass entgéintgewierkt ginn a mëttlerweil kënnen d'Pédiatren och rëm weider Dosen bestellen.

Déi Puppelcher, déi tëschent Oktober 2023 a Mäerz 2024 op d'Welt kommen, kënnen direkt an der Maternité geimpft ginn. D'Dosen innerhalb vun den Maternitéen sinn ausreichend present fir dës Puppelcher ofdecken ze kënnen.

*Firwat gëtt sech an deem Kontext net un d'Recommandatioune vum Conseil supérieur des maladies infectieuses gehalen ?*

D'Quantitéiten déi beim Fournisseur kontraktuell fir d'Direktioun vun der santé reservéiert sinn fir d'Saison Hierscht-Wanter 2023/2024, sinn mat den Recommandatiounen vum Conseil Supérieur des maladies infectieuses alignéiert.

Fir d'Saison 2023-2024 sinn am Ganzen 14.200 Dosen bestallt ginn, dovun 8.000 Dosen fir 2023 an 6.200 Dosen fir 2024. Mat der éischter Liwwerung den 21. September sinn 4.500 Dosen agetraff a mat der zweeter Liwwerung den 20. Oktober nach emol 300 Dosen. Eng weider Liwwerung vun 3.200 Dosen ass fir den November geplangt.

*Am Fall vun enger Infektioun vun engem Puppelche, deen net konnt geimpft ginn, wat vir Precautiounen huet de Gesondheetsministère geholl, fir aner Kanner an de Crèchen ze schützen ?*

Wann ee sech op d'Statistiken vun den Neigebuerenen zu Lëtzebuerg vun den leschten Joeren baséiert, sinn d'Quantitéiten déi beim Fournisseur reservéiert sinn fir d'Saison 2023/2024 ausreichend fir engersäits d'Bëbeeën ze protégéieren déi virun der Immunisatioun-Campagne (Januar 2023 bis September 2023), gebuer sinn, wéi weiderhin och all déi , déi vum 1.Oktober un gebuer sinn. D'Direktioun vun der santé empfehlt dringlechst d'Immunisatioun an den Maternitéen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

D'Immunisatioun duerch Beyfortus ass iwwerdeems vum CSMI recommandéiert fir den Risiko vun graven Infektiounen vun den Otemweeër, déi RSV-bedéngt sinn, ze reduzéieren, wéi och den Risiko hospitaliséiert mussen ze ginn ze reduzéieren. Wéi och déi lescht Joeren sinn d'Crèchen gehalen d'préconiséiert mesures d'hygiène unzewennen, fir den Risiko vun enger Infektioun-Transmissioun generell ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert